N°371
Entrée le 21.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.02.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.**

D'ADEM huet a sengen internen Analyse fir d'Joer 2023 festgestallt, dass d'Offer un Aarbechtsplaze bei hinne generell gekuckt ëm méi wéi en Drëttel zeréckgaangen ass. Theoretesch kann dëst e ganz positive Constat sinn, nämlech da wann doduerch och d'Unzuel un demandeurs d'emploi parallel zréckgeet. Zu Lëtzebuerg gesäit d'Realitéit leider anescht aus, d'Unzuel u Leit déi eng Aarbecht sichen ass iwwert de selwechten Zäitraum gekuckt ëm 15,5% geklommen. Konkret gëtt et also eng bedenklech Entwécklung, et gi manner Aarbechtsplazen a méi Leit déi eng Platz sichen.

Bei den Demandeuren huet laut Analyse vun der ADEM eng Majoritéit op mannst de Secondaire supérieur ofgeschloss an et ginn, op e Joer gekuckt, besonnesch bei den héich qualifizéierten an de Leit ënner 30 déi stäerksten Entwécklungen no uewen. Bei den Expertise fält op, dass besonnesch d'Unzuel un Demandeure mat engem informateschen Hannergrond ëm 70% geklommen ass am Verglach zu 2022. Am Beräich vun der Informatik gëtt et awer eng héich Offer u fräie Platzen (1264), dofir ass et ëmsou méi iwwerraschend, dass een eng héich Unzuel u Leit mat engem passenden Hannergrond gëtt (649) déi net kënne vermëttelt ginn.

Et sinn Zuelen déi eiser Meenung no bedenklech sinn a weider Froen opwerfen.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi verdeelen sech déi 649 Demandeure mat informateschem Hannergrond op déi follgend Alterskategorien: 15-24, 25-34, 35-54, 55-65. Falls dëst an där Granularitéit net méiglech ass, da w.e.g. a follgenden Alterskategorien: 15-24, 25-54, 55-65.

2. Wann d'ADEM vu Leit mat engem informateschen Hannergrond schwätzt, no wéi enge Krittäre gëtt dës Klassifikatioun virgeholl? De leschte Beruff, en Diplom oder eng Zertifikatioun oder eng Auto-Klassifikatioun?

3. Wéi positionéiert an erkläert sech de Ministère dësen Decalage am Beräich vun der Informatik?

4. Sinn d'Formatiounen am Beräich vun der Informatik (re- an upskilling) den aktuelle Besoinen am Secteur vun der Informatik ugepasst? Wéi oft gëtt d'Adequatioun vun dësen Inhalter iwwerpréift? An aus wéi enge Grënn erkennt de Ministère d'Inhalter als konform oder net konform un?

5. Wat gëtt konkret nieft enger Offer un up- an re-skilling gemaach an ugebueden, fir dass dës Leit trotzdeem an noer Zukunft kënne vermëttelt ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten